

Engagéiert fir Verännerung.

Dat Wichtigst aus eisem Programm.

déi Lénk 

D'Land steet viru groussen
Erausfuerderungen, souwuel op
sozialem, wéi op wirtschaftlechem
an ökologeschem Plang. Esou weider
maache wéi bis elo, bedeit d'sozial
Ongläichheeten ze verschäerfen an eis
Ëmwelt weider ze belaaschten.

D'Verännerung ass eng Chance op e
neien Oproch. Lëtzebuerg huet vill
Talenter a vill Ressourcen. Zesumme
kënne mir vill beweegen.

déi Lénk si bereet, sech der Zukunft ze
stellen. An dëser klenger Broschür, déi
dir an der Hand hutt, stelle mir Iech e
puer vun eisen Iddien a Propose fir.

2018.dei-lenk.lu

Aarbecht

Mëttlerweil liewen 12% vun de Leit déi schaffen ënnert der Aarmutsgrenz an de Chômage stagnéiert op héijem Niveau.

Während d'Produktivitéit stänneg an d'Luucht geet, ass d'Aarbechtszäit säit 1975 net méi erof gaangen, sou datt bal néirens an Europa esouvill Stonne pro Woch geschafft gëtt wéi zu Lëtzebuerg. De soziale Fortschrëtt ass also stoe bliwwen.

Wat wëllen déi Lénk?

Datt Aarbecht sech lount. D'Leit déi schaffe musse vun hirem Loun liewe kënnen. Jidderee gëtt gebraucht a wien kann a wëll schaffen, muss dofir och d'Méiglechkeet hunn. Dobäi sollen d'Leit erëm méi Zäit fir sech an hir Famill kréien.

Wat proposéieren déi Lénk?

- Eng Erhéijung vum Brutto-Mindestloun op 60% vum Median-Loun (aktuell 2380 EURO), sou datt en däitlech iwwert der Aarmutsgrenz läit.
- Eng schrëttweis Aarbechtszäitverkierzung op 32 Stonnen d'Woch bis 2030. An der Iwwergangsphas soll de klengen a mëttelgrousse Betriber finanziell ënnert d'Ärem gegraff gi fir ee volle Lounausgläich kënnen ze garantéieren. Schon 2019 soll eng 6. Congéswoch agefouert ginn.
- E Recht op Aarbecht duerch de Prinzip vum „Etat employeur en dernier ressort“. Jiddereen dee wëll a ka schaffen, muss vum Staat eng adaptéiert Aarbecht ugebuede kréien.

Sozialpolitik

Eisen inklusive Sozialsystem ass eng vun de gréissten Errongenschafte vum 20. Joerhonnert. Trotzdeem gëtt e stänneg vu neoliberale Reformen a Fro gestallt, zum Beispill duerch eng Verschlechterung vun de Prestatiounen oder en ëmmer méi laange Wee bis zu der Pensioun. D'Cotisatione vum Patronat sinn dogéint scho säit 40 Joer net méi erhéicht ginn.

Wat wëllen déi Lénk?

**Eise Sozialsystem erhalen a weider ausbauen.
D'Rente mussen erëm opgewäert ginn.
Am Géigenzuch sollen déi héich Revenuen erëm
méi staark un der Finanzéierung vum
Sozialsystem bedeelegt ginn.**

Wat proposéieren déi Lénk?

- Déi strukturell Rentereduzéierung vun 2012 annulléieren an d'Renten erëm automatesch un d'Lounentwécklung upassen. D'Deckelung vun de Cotisatiounen (aktuell 5 Mol de soziale Mindestloun) soll opgehewe gi fir dat déi héich Revenuen sech méi staark un der Finanzéierung bedeelegen.
- Eng Autonomiezulag aféiere vu 400 Euro de Mount fir all Jonker iwwer 18 Joer déi studéieren oder an der Ausbildung sinn.
- Zäitkonten aféieren déi ee während der aktiver Carrière kann notze fir perséinlech Projet'en, Formatiounen oder fir eng Auszäit ze huelen. Dës Zäitkonten erméiglechen et an der Auszäit finanziell ofgeséichert ze sinn.

Famill

D'Ënnerstëtzung fir d'Familien
ass an de leschte Joren zréck
gaangen, virun allem duerch
d'Kierzung vum Kannergeld an de
Studiëbourssen. De Congé parental
ass zwar méi flexibel, awer net méi
laang ginn. D'Kannerbetreung leeft
virun allem iwwert privat Strukturen,
déi duerch d'Chèques Services
subventionéiert ginn.

Wat wëllen déi Lénk?

Famillje méi staark ënnerstëtzen.

**D'Kannerbetreiung muss mëttelfristeg ee gratis
ëffentlechen Déngscht ginn, genee esou wéi
d'Schoulen. Mee d'Eltere mussen och méi Zäit
mat hire Kanner kënnen verbréngen.**

Wat proposéieren déi Lénk?

- D'automatesch Upassung vum Kannergeld un den Index, an eng progressiv Erhéijung am Zesammenhang mam Alter vum Kand fir de wuessende Liewenskäschte gerecht ze ginn.
- Eng Verduebelung vum Congé parental vun aktuell 6 Méint op 1 Joer (Vollzäit) fir all Elterendeel.
- D'Offer vun ëffentleche Crèche soll schrëttweis ausgebaut gi mat dem Zil, d'Kannerbetreiung successiv zu engem gratis ëffentlechen Déngscht ze maachen.

Logement

D'Wunnenskris ass aktuell ee vun de gréisste Problemer hei am Land. Ëmmer méi jonk Famille kënnen sech keen Dach iwwert dem Kapp méi leeschten, müssen sech ganz héich verschëlden oder iwwert d'Grenz an d'Groussregioun auswanderen. Während Immobilie-Spekulanten sech d'Täsche fëllen, struwelen déi normal Biergerinnen a Bierger e ganz Liewe laang fir een Doheem ze hunn.

Wat wëllen déi Lénk?

**De Staat endlech virun seng Verantwortung stellen.
De fräie Marché huet versot, mir musse massiv
ëffentlech Wunnenge baue fir ze verlounen, sou
datt sech d'Präisser erëm stabiliséieren.
D'Spekulatioun muss gestoppt an d'Rechter
vun de Locataire musse gestärkt ginn.**

Wat proposéieren déi Lénk?

- Amplaz d'Reserve vum Rentefong op de spekulative Finanzmäert z'investéieren, soll en Deel dovunner an de Bau vu neie Wunnenge fléissen, déi vun der ëffentlecher Hand fir e korrekte Loyer verlount ginn.
- Bauterrainen oder Wunnengen, déi just wéinst Spekulatioun net bebaut oder net verlount ginn, mussen taxéiert ginn.
- Locataire den Accès zu enger Wunneng vereinfachen andeem d'Agencekäschten net méi dem Locataire mee dem Opdraggeber vun der Agence (meeschtens de Propriétaire) verrechent ginn an déi gesetzlech festgeluechten Héchstgrenz bäi Loyeren erëm de reelle Liewenskäschten ugepasst gëtt.

Gesondheet

D'Gesondheetspolitik vun de leschte Joren a Joerzénge war virun allem dorop ausgeriicht fir Käschten ze spueren. Dat hunn och déi rezent Reforme vum Spidolswiesen an der Fleegeversécherung gewisen.

Doduercher gëtt d'Gesondheet zu enger Wuer a fir privat Acteuren ëmmer méi zu engem lukrative Maart.

Wat wëllen déi Lénk?

**Eisen universellen an öffentleche
Gesondheetssystem erhalen an a ville Beräicher
verbesseren, sou datt optimal Versuergung fir
jidderee garantéiert ass. Privatiséierungen am
Beräich vun der Santé mussen verhënnert ginn,
fir datt et net zu enger 2-Klasse-Medezin kënnt.**

Wat proposéieren déi Lénk?

- De Prinzip vum Tiers Payant muss generaliséiert ginn, sou datt 100% vun de Gesondheetskäschten direkt vun der CNS iwwerholl ginn.
- D'Urgencë mussen mat dem néidegen Personal an de néidegen Infrastrukturen ausgestatt ginn, an d'maisons médicales sollen op de gesamten Territoire verdeelt ginn.
- Déi öffentlech Infrastrukture fir eeler Leit, wéi z.B. Gesondheetshaiser, Strukture fir intergenerationellt Wunnen oder Altersheimer, müssen ausgebaut ginn. Donieft brauche mer och méi Geriatrie-Zentren.

Schoul

Am Lëtzebuerger Schoulsystem ginn d'Kanner vill ze fréi op eng Richtung festgeluecht, déi hir Zukunft zu engem gudden Deel matbestëmmt.

Rezent Reformen hunn donieft de Startschoss gi fir d'Privatiséierung an d'Zerstéckele vun eiser Schoul, sou datt eise gemeinsame Bildungssystem ëmmer méi a Fro gestallt gëtt.

Wat wëllen déi Lénk?

Datt all Kand hei zu Lëtzebuerg déi selwecht Bedingungen ugebuede kritt, fir an der Schoul ze reusséieren. D'Schoul muss eng emanzipatoresch Funktioun hunn a gläichzäiteg op d'Beruffsliewe virbereeden. Kritescht Denken an de respektvollen Ëmgang matenaner muss gefërdert ginn.

Wat proposéieren déi Lénk?

- Mëttel- a laangfristeg „Eng Schoul fir alleguerten“ entwéckelen, an där d'Schüler.INN.en bis 16 Joer sollen zesumme mat diversifizierte Coursen, ee manuell, fachwëssenschaftlecht an humanistescht Wësse vermëttelt kréien, éier si sech fir eng speziell Orientéierung entscheeden.
- Déi öffentlech Schoul verdeedegen a sech géint all Privatiséierung wieren. Mir setzen eis a fir eng demokratesch a kooperativ Schoul mat enger organisationeller a pädagogescher Autonomie.
- E qualitativ héichwäertegen an demokratesche Bildungssystem garantéieren an d'Enseignante entlaaschte mat der Aféierung vu multiprofessionellen Ekippen am Kllassesall.

Wirtschaft

Lëtzebuerg huet vill Atouten, mä bis elo ass virun allem op problematesch Souveränitéitsnische gesat ginn.

Déi Deeler vun der Finanzplaz, déi hir Sue mat Steiertricksereien verdéngen, hunn d'Land international a Verruff bruecht a si laangfristeg net méi ze droen. Op der anerer Säit ass den Ëmschwong op déi nei Ëmwelttechnologie komplett verschlof ginn.

Wat wëllen déi Lénk?

Eng Transitioun hin zu engem Modell, dee wirtschaftlech an ökologesch nohalteg ass. D'Wirtschaft muss op stabilen Féiss stoen an d'Ëmwelt respektéieren. Donieft brauche mir och méi eng harmonesch Entwécklung mat eisen Nopeschregiounen.

Wat proposéieren déi Lénk?

- Schrëttweis aus de Steiertrickserei vun der Finanzplaz erausklammen, an Zesummenaarbecht mat den internationalen Instanzen.
- Aktuell Kompetenzen ausbauen a nei Kompetenzen opbauen, zemoools a Wirtschaftssecteuren, déi mat enger nohalteger Entwécklung kompatibel sinn. Dobäi spillen Bildung a Fuerschung eng entscheidend Roll.
- Eng méi harmonesch Entwécklung mat de Nopeschregiounen aleeden duerch eng verstärkte grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht.

Finanzen

Säit 40 Joer gëtt stänneg gespuert fir kënne Steiercadeau'e fir Betriber ze finanzéieren. Mëttlerweil hu mer zu Lëtzebuerg déi niddregste Betrëbsbesteierung a ganz Europa an doduercher entginn dem Staat Recetten a Milliardenhéicht.

Donieft profitéiert eng Minoritéit vu Steierprivileegien déi duerch näischt ze rechtfäerdege sinn.

Wat wëllen déi Lénk?

D'Recette vum Staat erëm erhéije fir d'Land kënnen gutt op d'Zukunft virzubereeden. D'Land steet viru groussen Erausforderungen a fir déi resolut kënnen unzegoe brauch de Staat finanziell Moyen'en, e.a. fir eise Sozialsystem ze stäerken a fir de Wunnungs- a Mobilitéitsproblem ze léisen.

Wat proposéieren déi Lénk?

- D'Betribler erëm anstänneg besteieren duerch eng Erhéijung vun den Taux'en an der Bemessungsgrondlag. Dobäi gëtt et vill Sputt no uewen, och ouni datt d'Betribler fort lafen.
- D'Besteierung vun de Kapitalrevenue (Aktien, Obligatiounen, etc.) progressiv un d'Besteierung vun der Aarbecht upassen. Aktuell gëtt d'Kapital bis zu 5 mol manner besteiert wéi d'Aarbecht.
- Steuerprivileegien ofschaffen, vun där just eng Minoritéit profitéiert. Dozou gehéieren z.B. d'Stock-options, d'Steierbefreiung vun de spezialiséierten Investmentfongen (FIS) oder d'Steierbefreiung vum Méiwäert bei Finanztiteln.

Mobilitéit

Bei der Verkéiersinfrastruktur leeft Lëtzebuerg der Entwécklung ëm Joerzénge hannendrun. Op der Strooss sinn déi wichteg Axen an de Stousszäite komplett iwwerlaascht an den ëffentlechen Transport ass nach net sou wäit, datt en déi stänneg Problemer kéint opfänken.

Vill ass an Tëschenzäit an d'Weeër geleet ginn, mä ganz vill bleift nach ze maachen.

Wat wëllen déi Lénk?

Den öffentliche Transport konsequent ausbauen. Individualverkéier wäert och an Zukunft eng Roll spillen, mä nëmmen den Ausbau vum öffentliche Transport kann d'Situatioun dauerhaft entschärfen. D'Investitiounen an den öffentliche Transport müssen dofir wesentlich erhöht ginn.

Wat proposéieren déi Lénk?

- E regionaalt Express-Schinnenetz (S-Bunn an Tram) muss gebaut ginn tëschent der Haaptstad a regionale multimodale Verkéierspunkten.
- Den öffentliche Transport muss fir jidderee gratis ginn. Den zousätzleche Käschtepunkt dovunner läit bei 30 Milliounen Euro pro Joer an ass absolut vertriebar.
- D'Mobilitéit muss bei der Landesplanung eng vill méi grouss Roll spillen, fir datt d'Weeër tëschent Wunnen, Schaffen a Fräizäit méi kleng ginn an déi ëmweltfrëndlech Mobilitéit ausgebaut gëtt.

Ëmwelt

D'Qualitéit vun der Loft zu Lëtzebuerg ass net déi beschten duerch de ville Verkéier. D'Biedem an d'Grondwaasser si staark belaascht, sou datt d'Versuergung mat Drénkwaasser ëmmer méi opwänneg gött. Donieft hëlt d'Biodiversitéit stänneg of, wouduerch eis Ekosystemer net méi am Gläichgewicht sinn.

D'Konsequenzen dovunner ginn ëmmer méi spierbar fir de Mënsch.

Wat wëllen déi Lénk?

De Klimawandel eescht huelen an d'Energietransitioun behäerzt ugoen. Eng intakt Ëmwelt ass vun zentraler Bedeitung, och fir d'Liewensqualität vun de Leit. D'Landwirtschaft spillt beim Naturschutz eng wichteg Roll, well si huet e groussen Impakt op d'Biodiversitéit an op d'Qualitéit vun de Biedem an dem Waasser.

Wat proposéieren déi Lénk?

- Bis 2050 muss eis Elektrizitéit zu 100% aus erneierbaren Energie kommen. Dobäi ass et wichtig op eng dezentral Produktioun ze setzen an d'Stroumnetzer erëm ënner staatlech Kontroll ze bréngen.
- D'Landwirtschaft muss sech ëmstellen a no enger Iwwergangszäit op chemesch Pestiziden an Dünger verzichten.
- De Verbrauch u Ressource muss reduzéiert ginn duerch eng Steigerung vun der Energieeffizienz, dem Ausbau vun der Kreeslafwirtschaft an duerch méi e spuersamen Ëmgank mam Waasser.

Demokratie

All 5 Joer gëtt e Parlament gewielt an dertëschent kënnen d'Politiker maache wat se wëllen.

Mëttlerweil weess kee méi genee, iwwer wat d'Vollek iwwerhaapt nach decidéieren däerf. Op der Aarbecht gëtt et wéineg Matbestëmmung.

Wat wëllen déi Lénk?

Eis Demokratie beliewen. D'Matbestëmmung ka sech net nëmme just op periodesch Wahle begrenzen, mä muss am Alldag praktizéiert ginn: an de Schoulen, op der Aarbecht an am ëffentleche Raum. Nëmme wann all d'Biergerinnen a Bierger agebonne ginn, ka Politik am Interessi vun der Allgemengheet gemaach ginn.

Wat proposéieren déi Lénk?

- Eng nei Verfassung muss ausgeschafft ginn, déi allen Awunner an Awunnerinnen vu Lëtzebuerg nei demokratesch Rechter garantéiert. Dobäi müssen se reegelméisseg consultéiert ginn.
- De politeschen Engagement vun de Leit förderen andeems och d'ëffentlech Debatten an der Chamber op ob mannst zwou aner vill geschwate Sproochen iwwersat ginn.
- D'Recht op Matbestëmmung op der Aarbecht ausbauen, och bäi Wirtschaftsfroen. Dat gëllt fir den ëffentlechen an de private Secteur.

Nei Technologien

Déi nei digital Technologië sinn aus eisem Liewen net méi ewech ze denken a veränneren eis Gesellschaft op ganz grondsätzlech Manéier. Trotzdeem gëtt et nach ëmmer keng kohärent Digitalpolitik, déi sech mat de Konsequenze vun der Digitaliséierung ausernee setzt an hir Auswierkungen op de sozialen Zesammenhalt, op d'Wirtschaft oder op d'Ëmwelt encadréiert.

Wat wëllen déi Lénk?

Den Zougank zu digitalen öffentleche Services ausbauen. Et geet drëms, den öffentleche Raum am Internet ze vergréisseren anstatt d'Muecht vun e puer internationalen Entreprises.

D'Privatsphär muss geschützt an d'Neutralitéit vum Internet garantéiert sinn.

Wat proposéieren déi Lénk?

- D'Netzneutralitéit muss an eiser Gesetzgebung verankert ginn. Eng eenheetlech Internetoffer, déi Daten gläichberechtigt an net-diskriminéierend transportéiert (schnellen Internet fir jiddereen), an fir jidderee gläich zougänglech Netzer, muss garantéiert sinn.
- All Biergerin a Bierger muss vum Staat e private virtuelle Raum zur Verfügung gestallt kréien, mat enger E-Mail-Adress, enger Späicherkapazität a frei zougänglechen Online-Programmer.
- Déi öffentlech Fuerschung am Beräich vun de neien Technologië muss gestärkt ginn. E staatleche Labo soll digital Léisungen ausschaffen, déi der ganzer Bevëlkerung zegutt kommen.

**An dës kleng Broschür hu leider
nëmmen e puer wéineg Iddien
a Propose vun déi Lénk gepasst.**

**Wann dir méi wësse wëllt,
iwwert déi Verännerung,
fir déi mir eis engagéieren,
da kuckt lech eise ganze
Programm un op :**

2018.dei-lenk.lu

déi Lénk – politesch Beweegung

B.P. 817

L-2018 Luxembourg

Telefon : 26 20 20 72

Fax : 26 20 20 73

Email : info@dei-lenk.lu

CCPLLULL: IBAN LU41 1111 1549 7465 0000

BCEELULL: IBAN LU24 0019 1300 4344 5000

